LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
08 NOV. 2019

Référence : 82exea501

Luxembourg, le 08 NOV. 2019

Concerne : Question parlementaire n° 924 du 19 juillet 2019 de Monsieur le Député Sven Clement concernant les cessions et saisies

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre des Finances,

Pierre GRAMEGNA

3, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg
Tél. (+352) 247-82600
Fax (+352) 247-92625
Adresse postale
L-2931 Luxembourg
ministere-finances@fi.etat.lu
www.etat.lu

144 000003-200405-FR

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
08 NOV 2019

Gemeinsam Äntwert vum Här Finanzminister, Pierre Gramegna, an vun der Madame Justizministesch, Sam Tanson, op d'parlamentaresch Fro N° 924 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement betreffend d'Saisien an d'Veräusserungen

De Betrag vun der Saisie vun Akommes a Rente berout ob der Staffelung vum Akommes :

- de Prozentsaz vum Akommes deen pro Tranche saiséiert an veräussert ka ginn ("quotité saisissable/cessible"), ass gesetzlech fixéiert iwwert den Artikel L-224-1 bis 225-5 vum *Code de Travail* an den Artikel 4 vun der *loi modifiée du 11 novembre 1970 sur les cessions et saisies des rémunérations de travail*;
- d'Valeur vun den Tranchen ass am *règlement grand-ducal du 27 septembre 2016 fixant les taux de cessibilité et de saisissabilité des rémunérations de travail, pensions et rentes* (Mém A, N°206 du 4.10.2016) fixéiert. Dëst Reglement gëtt reegelméisseg ugepasst.

De gesécherte Minimalbetrag ("quotité insaisissable et incessible") ass gestaffelt am Bezuch zu der Valeur vum Akommes, respektiv der Rent vum Debiteur. Weder de Riichter nach de Creancier hunn Kenntnis vum Solde vum Konto, respektiv vun de Konte vum Debiteur.

Tranches	Valeur (suivant Règlement grand-ducal 27.09.2016	Quotité saisissable/cessible *	Quotité insaisissable/incessible
Tranche 1	0 – 722 euro	0%, soit 0 euros	100%, soit 722 euros
Tranche 2	722 – 1115 euro (soit 393 euros)	10%, soit 39,3 euros	90%, soit 353,7 euros
Tranche 3	1115 – 1378 euro (soit 263 euros)	20%, soit 52,6 euros	80%, soit 210.4 euros
Tranche 4	1378 – 2296 euro (soit 918 euros)	25%, soit 229.,5 euros	75%, soit 688,5 euros
Tranche 5	> 2296 euro	100%	0%, soit 0 euros
TOTAL		321,4 euros plus tout ce qui dépasse la somme de 2296 euros	1.974,6 euros

* laut Artikel 4 vum Gesetz vun 1970

A punkto Statistiken iwwer d'*saisies-arrêts* vun de Salairen an dem Ënnerhalt, kann een op folgend Zuele verweisen:

	Justice de paix Diekirch	Justice de paix Esch/Alzette	Justice de paix Luxembourg
2015	ND	5.475	8.230
2016	2.755	5.357	8.011
2017	2.530	4.792	5.806
2018	2.624	5.103	4.841

(Quell: « La justice en chiffres » 2016, 2017 et 2018)